Lëtzebuerger Club Roude Léiw

# Fréijorsrencontre

De Lëtzebuerger Club Roude Léiw freet sech, Iech ze invitéieren de

**7. Abrëll 2024**
**11.00 Auer**

Kongresshaus Zürich
**Entrée «S»**, Rez-de-Chaussée op der Säit vum Séi



**Programm**

- Generalversammlung
- Aperitif
- D'Makadammen verwinnen eis mat Sketcher aus hirem «Best of» vun 20 Joer
- Gemittlecht Mëttegiessen



Wien vun Iech kennt si net, déi 5 Damme mat hirer gudder Staut! Mat Witz ënnerhalen eis d'Makadammen mat Sketcher aus hirem «Best of» Programm, dee si fir hiren 20 Joer Jubiläum an hir Dernière zesummegesat hunn!
Et ass eenzeg an eleng der Frëndschaft déi sech am Laf vun de leschte 15 Joren tëschent Lëtzebuerg an der Schwäiz opgebaut huet ze verdanken, datt mir haut d'Dernière vun hirer Dernière erliewen. Freet Iech drop, si nach eng Kéier exklusiv ze genéissen! E grousse Merci deene «5»!

Et ass dem Comité gegléckt dësen Dag am nei renovéierte Kongresshaus ze reservéieren! Do, wou mir eis scho viru villen Joren getraff hunn, schléisse mir op en Neits un.

| | |
|---|---|
| Präis fir Memberen | CHF 90.- |
| Präis fir Gäscht | CHF 120.- |
| Kanner bis 16 Joer | CHF 30.- |

**Am Präis abegraff sinn**: Aperitif, Iessen a Gedrénks, Kaffi an natierlech déi 5 Dammen.

**Fir de Vegetareschen oder de Kanner Menu** mellt Iech w.e.g. beim Ginette Rüdy: ginette.ruedy@outlook.com oder 044 850 40 37

Mat Ärer Iwwerweisung bis den **22.3.2024** sidd Dir definitiv ugemellt.

Et ass dës Kéier net méiglech, nom 22.3.24 nach Umeldungen unzehuelen.
Bei kuerzfristeger Ofso no 48 Stonne virum Event oder Feelen trotz Umeldung, kënne mir leider näischt zréck bezuelen.
De Comité seet Iech Merci fir Äert Verständnes.

**Wéi Dir dohinner kommt**

| | |
|---|---|
| Mat ÖV | Vum HB Zürich mam Tram 11 bis Bürkliplatz. |
| Mam Auto | Net wäit vum Kongresshaus si Parkhaiser a ronderëm Parkplazen. |

**De Comité freet sech op e schéinen Dag zesumme mat ganz Vill vun Iech!**

Wien d'Nues vir huet, reservéiert sech haut schonn den **20.10.2024** am Valais.